**Plusieurs voix**.- Aah, très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Dann den Här Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Merci, Här President. Ech mengen, d'Argumenter sinn all ausgetosch ginn. D'Positioune vun den eenzelne Fraktioune sinn duergestallt ginn. Ech géif proposéieren, well ech weess net, ob mer an enger Kommissiounssitzung elo nach vill nei Argumenter wäerten héieren, ech géif einfach proposéieren, datt mer elo iwwert déi Motioun hei ofstëmmen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Den Här Kox.

**M. Henri Kox** *(déi gréng)*.- Bon, Merci, Här President. Ech hunn am Numm, als President vun der Ëmweltkommissioun gemengt, e Kompromiss ze maachen, andeem ech probéiert hunn, iwwert déi Themaen oft ze diskutéieren. Mä ech wëll awer och domadder ganz kloer soen, dass mer, wann ech meng Kolleegen héieren, net déi éischte Kéier iwwert dës Dokumenter scho geschwat hunn an dass mer des Éfteren an der Kommissioun iwwert déi Gesetzer diskutéieren,...

***(Brouhaha général)***

...soudass ech mech der Mehrheet wëll uschléissen an d'Motioun wäert ofleenen.

**Mme Viviane Loschetter** *(déi gréng)*.- Très bien!

***(Brouhaha général)***

**M. Henri Kox** *(déi gréng)*.- Au vote, wann ech gelift!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Also da gi mer zum Vott.

**Une voix**.- Wat ass dann elo?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Mir ginn zum Vott iwwert d'Motioun iwwer.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Vott iwwert d'Motioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Mir ginn zum Vott iwwert d'Motioun iwwer.

**Une voix**.- Voilà, très bien!

***(Brouhaha et hilarité)***

***Vote sur la motion 1***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Also mir stëmmen iwwert d'Motioun of. Déi, déi mat der Motioun averstane sinn, déi stëmme mat Jo, an déi, déi net mat der Motioun averstane sinn, stëmme mat Neen. D'Ofstëmmung fänkt elo un.

An dann d'Procuratiounen. An esou, wéi ech gesinn, ass d'Ofstëmmung eriwwer: 5-mol Jo, 34-mol Neen an 21 Abstentiounen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non: M. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.*

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Austausch vun Zäregasquoten, de Projet de loi 6917. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Henri Kox.

## 5. 6917 - Projet de loi modifiant les articles 11 et 14 de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

**M. Henri Kox** *(déi gréng), rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Majo da kréie mer...

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- ...direkt déi definitiv Versioun.

***(Brouhaha)***

**M. Henri Kox** *(déi gréng), rapporteur*.- Da kréie mer elo direkt d'Geleeënheet, nach eng Kéier iwwert de Kyoto-Protokoll ze diskutéiere respektiv iwwert d'Suitte fir déi eenzel Secteuren. Dir wësst, dass mer haut als Lëtzebuerger Stat bis 2020 minus 20 $CO_2$-Equivalent mussen erreechen, dat heescht par rapport zu 2005.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Wann ech gelift!

**M. Henri Kox** *(déi gréng), rapporteur*.- Et gëtt awer en anere System, dat ass dee System vun den ETSen, dat heescht Emissions Trading System, dat heescht, alleguerten d'industriell Produktiounen ënnerleien dësem Gesetz. Dat ass e Gesetz vum 23. Dezember 2004 an et behandelt eben d'Zouuerdnung vu Quoten un déi eenzel industriell Produktiounen.

Wéi gesot, et sinn der 18 hei a Lëtzebuerg a si mussen och eng gewësse Quot erreeche bis 2020, näämlech minus 21%, awer dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä am Sharing mat den europäeschen Industriellen an der ganzer Europäescher Unioun. Dat heescht, dat ass e Virdeel fir Lëtzebuerg, well se dann entsprechend hirer Capacitéit kënnen ufueren.

Elo huet sech awer erausgestallt, dass dës Quoten, déi mer den Industriellen zur Verfügung gestallt hunn, iwwerallouéiert waren, dat heescht, d'Industrien hunn u sech ze vill Quoten haut um Marché. Déi sollten och ënnerhalb vun den Industrielle kënnen um europäesche Kontinent ausgetosch ginn an och deels versteet ginn. Elo ass et awer esou, dass no 2009 duerch d'Wirtschaftskris eng Iwwercapacitéit mëttlerweil um Marché ass. An dat huet dozou gefouert, dass haut d'Tonn $CO_2$-Equivalent op dem Marché gefall ass op 10 Dollar praktesch d'Tonn $CO_2$-Equivalent. Haut si praktesch 2,1 Milliarde Quoten esou um Marché, déi u sech dozou féieren, dass eben de Präis ganz déif gefall ass.

Fir awer eng Stabiliséierung hei eranzebréngen, huet d'Europäesch Kommissioun an hirer Décisioun vun 2015/1814 gesot, dass mer en Deel vun deene Quote wëllen neutraliséieren u sech, fir de Marché e bëssen ze stabiliséieren, fir ze probéieren, dass dee Marché och erëm zu engem richtege Marché kënnt. Et geet jo drëms, dass d'Quote méi knapp gemaach ginn, dass all Industrie opgefuerdert ass, no där neister Technik och Produktiounsanlage lafen ze loossen, wat dann natierlech och der Ëmwelt wäert zeguttkommen.

D'Europäesch Kommissioun huet also virgeschloen, dat war an där Décisioun 2015, 2015/1814, eben d'Direktiv vun 2003 op deene Punkten ëmzeänneren. An dat huet zur Folleg, dass eist Gesetz, wat 2004 gestëmmt gouf, wat eben dës Direktiv ëmgesat huet, op zwee Punkten, op zwee Artikele muss ugepasst ginn.

Wéi eng Moossnamen huet d'EU elo virgeschloen?

Et soll eng Réserve de stabilité gemaach ginn. Dat ass den éischte Punkt. Déi soll ab 2018 an d'Liewe geruff ginn. An dee Marché soll 2019 da kënne gespillt ginn.

Et gëtt och als Zweetes en Deel vun de Quoten u sech kalgestallt, praktesch aus dem Marché erausgezunn. Dat sinn der 900 Milliounen och erëm $CO_2$-Equivalent, dat heescht, net nëmmen $CO_2$, mä alleguerten d'Zäregasen zesummen. Et gëtt och gekuckt, no 2020 dee System erëm besser opzestellen, fir och déi falsch Tendenzen, déi elo an deene leschte Jore waren, ze korrigéieren.

Mir haten d'lescht Joer nees am Klimarapport gesot, am beschte wier et, iwwerhaapt net méi déi Quoten op dem Marché ze hunn. Mä d'Industrië brauchen déi fir och deen „leakage" (veuillez lire: fir de „leakage" ze verhënneren), dass eben $CO_2$ iwwert d'Grenzen erausgeet a praktesch mir $CO_2$ haut importéieren aus Drëttlänner. Dat soll dann natierlech dee Marché och berücksichtegen. Et ass geduecht drun, fir näämlech dat ze ënnersichen a puncto vun den Aarbechtsplazen, wat an deenen eenzelne Länner passéiert, respektiv och par rapport zum BIP.

Dat heescht, dës Adaptatioun vum Gesetz vun 2004 versicht, déi Defiziter an dem ETS-System ze behiewen, andeem dann zwee Artikele geännert gi vun dem urspréngleche Gesetz. Ech ginn net an den Detail vun deenen zwee Artikelen, well se extrem technesch sinn. Et geet eben drëms, déi Quoten entspriechend, wa se iwwerallouéiert sinn, erauszehuelen, a wann der ze mann do sinn, erëm zréck op de Marché ze bréngen.

Et goufen och dräi Avisen, natierlech dee vum Statsrot. De Statsrot begréisst dës Initiativ, dass et eben zu enger Stabiliséierung um Marché soll kommen. Den Avis vun der Chambre des Salariés seet éischter: „Dir hätt keng Quoten dierfe fir näischt der Industrie weiderginn!", wat jo eben och dozou gefouert huet, dass ze vill Quoten op eemol um Marché sinn. Dat war awer ee System, deen erkannt ginn ass, soudass déi Feeler haut redresséiert ginn an dass et an Zukunft eben net zu deene Mëssstänn da ka kommen. An dann d'Chambre des Métiers huet och nach en Avis ginn.

Ech kommen nach kuerz zu den techneschen oder zu den Daten, wéini de Projet déposéiert gouf. De Projet gouf de 27. November 2015 déposéiert. De Statsrot huet den Avis de 25. Mäerz 2016 eraginn, d'Chambre des Métiers den 30. Mäerz an d'Chambre des Salariés de 16. Februar. An der Sëtzung vum 24. Februar gouf ech als Rapporteur vun dësem Gesetz ernannt. An der Kommissioun vum 20. Abrëll hu mer den Avis vum Statsrot analyséiert. An an der Sëtzung vum 4. Mee hu mer dëse Rapport eestëmmeg ugeholl.

An domadder sinn ech ukomm mat mengen Ausféierungen zu dësem Gesetz a géif och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun dozou matbréngen. Merci fir d'Nolauschteren!

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Här Oberweis.

***Discussion générale***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV)*.- Merci, Här President. Och vu menger Säit aus dem Här Rapporteur, dem Henri Kox, mengem fréiere Student an Ingenieur, e grousse Merci.

***(Hilarité et brouhaha)***

Dat muss gesot ginn hei, gell!

Et mierkt ee jo awer, dass dat virgedroe gëtt vun engem Ingenieur. Wann alles technesch ass, da mussen déi meescht Leit ofschalten. Mä et ass ganz flott.

Ech wëll just eppes dozou soen. Wann den Här Henri Kox gesot huet, dass mer eng Iwwerallocatioun hunn, dat kënnt awer och, well zënter der Kris einfach d'Industrie an d'Gette geet an Europa an net méi un d'Struewele kënnt. Mir hunn also iwwer Joren nach domat ze dinn. Mä wat ganz gutt ass, do ass d'Referenz zum anere Projet: Mir probéieren awer elo weltwäit - weltwäit! -, dës Iwwerleeungen anzeféieren, wou soss quasiment kee Land sech méi doraus kann entzéien.

Mir hunn als Europäesch Unioun eppes hei virgemaach gehat, wat ganz gutt ass. A Länner wéi China, Indien, Russland wäerte sech där Saach och uschléissen. Duerfir de Merci vu menger Säit an dann och vun eiser Säit den Accord.

**Mme Nancy Arendt** *(CSV)*.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Negri.

**M. Roger Negri** *(LSAP)*.- Villmools Merci, Här President. Och ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur Henri Kox e grousse Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport. A virun allem och him Merci soe fir seng gutt Présidence, déi e mécht, wou en ëmmer no Kompromisser sicht. An duerfir, domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Ooh!

***(Hilarité)***

Wéi just virun e puer Minutten.

**Une voix**.- Et ass eng elle Welt!

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- An d'Wuert huet elo den Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Merci, Här President. Ënner Beobachtung vu mengem fréiere Professer Marcel Oberweis, fir dat dann och nach eng Kéier awer op dëser Plaz ernimmt ze hunn,...

***(Brouhaha et hilarité)***

...ergräifen ech dann awer och nach eng Kéier d'Wuert an deem dach ganz wichtegen Dossier hei, wou ech vläicht virewech awer dem Rapporteur e grousse Merci soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport.

De Problem, dee mir aktuell mat den Emissiounsquoten hunn, weist eigentlech exemplaresch, dass d'Aarbecht vum Politiker selten un en Enn kënnt! Eng erfollegräich Politikformuléierung an -implementatioun muss net onbedéngt heeschen, dass d'Thema duerno fir ëmmer vum Dësch ass. Eng kontinuéierlech Evaluatioun ass villméi noutwendeg, fir festzestellen, ob déi Mesuren, déi viru Jore gutt an noutwendeg waren, zu engem spéideren Zäitpunkt dat och nach sinn.

Wa mir den europäesche Quotesystem fir d'$CO_2$-Emissiounen haut kucken, musse mir feststellen, dass en net méi un den aktuelle System adaptéiert ass. Dat läit net dorunner, dass viru Joren eng schlecht Aarbecht geleescht gi wier, mä einfach dorunner, dass déi wirtschaftlech Lag sech verännert huet! Mir däerfen duerfir net ewechkucken a mir däerfen eis net op der Aarbecht ausrouen, déi virun zéng Joer geleescht ginn ass. A genau duerfir stëmme mir haut mat dëser Emännerung dëse Gesetzestext.

Wa mir haut dësem Gesetzestext zoustëmmen, da suerge mir derfir, dass et fir vill Entreprisë finanziell erëm interessant gëtt, fir manner $CO_2$ auszestoussen, a si däerfe sech och net dodrop ausrouen a mir och net. Dat heiten ass en Dossier, dee muss een am A behalen. D'Aarbecht vun der Politik kennt ebe selten en Enn a scho guer net an esou wichtegen Dossiere wéi deen heiten.

Et ass wichteg, dass mir dësem Gesetzesprojet eis Zoustëmmung ginn an esou dozou bäidroen, dass eng europäesch Décisioun um nationale Plang ëmgesat ka ginn. Mä dat eleng geet net duer. Lëtzebuerg muss um europäesche Plang zum Klimaschutz bäidroen, mä awer och seng national Ziler fir de Schutz vun der Ëmwelt konsequent ëmsetzen. Ech denken dobäi zum Beispill un d'Energieeffizienz, de weideren Ausbau vum ëffentlechen Transport an och un d'Albausanéierung.

Dëst gesot, dem Rapporteur hunn ech scho Merci gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fernand Kartheiser.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och mir fänke gär un, fir dem Rapporteur, dem Här Henri Kox, Merci ze soen. All dës Klimadossiere si komplex a mir soen ëmmer erëm Merci fir all déi Leit, déi sech wierklech esou intensiv mat deenen Dossiere befaassen a se hei esou erkläre, datt mer se alleguer besser verstinn.

Et ass elo fir eis och vläicht eng Geleeënheet, kuerz op déi Kuelendioxidproblematik anzegoen. Datt mer dat Gesetz hei stëmmen, ass emol éischtens de Bewäis, datt dee System, wéi en urspréngléch agefouert gouf an der Nofolleg vum Kyoto-Protokoll, net effikass war. Dat ass eng Saach, déi laang e bësse verdrängt gouf an der ëffentlecher Diskussioun. Eenzel Leit hunn ëmmer op d'Defizienze vum System opmierksam gemaach. Si sinn als Klimakiller duergestallt ginn.

Dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, ass e Versuch, déi Feeler aus der Vergaangenheet ze korrigéieren. Mir hoffen, datt se dann och wierklech zu enger Verbesserung kënne féieren. Mä et ass schwéier, dat haut ofzeschätzen. Mir bleiwen, mir kucken dat interesséiert, mir hoffen op den Erfolleg, mä aus den Erfahrunge vun der Vergaangenheet, mengen ech, ass eng gewësse Skepsis och ze verstoen. Skepsis speziell och hei fir Lëtzebuerg!

Well, wéi wëlle mer eigentlech hei reduzéieren - an dat ass näämlech dat, wat ganz interessant ass, déi Klimaziler, déi mer eis elo no COP21 fir Lëtzebuerg fixéieren - an enger Situatioun, wou d'Regierung eigentlech just op eng dauerhaft Croissance setzt, wou se eis seet, datt d'Populatioun vum Land wahrscheinlech iergendwéini an nächster Zukunft bei iwwer enger Millioun Leit muss leien, wou mer eng Croissance hunn, déi mer brauchen, aus enger Rei Grënn, déi an der Vergaangenheet hei diskutéiert gi sinn an déi d'ADR och opbruecht huet an enger Diskussioun iwwert d'Zukunft vum Land, an eng Regierung, wou déi gréng mat dra sinn, just als eenzegt Rezept déi blann Croissance huet fir d'Zukunft a keng Alternative réelle?

Mä wéi wëlle mer eis $CO_2$-Ausstéiss als Lëtzebuerg wierklech ënner Kontroll kréien? Wéi wëlle mer d'Energies renouvelables op 11% oder esou eropsetzen, wann déi dauernd Croissance vum Land eis jo praktesch automatesch forcéiert, de Kuelendioxidausstouss och permanent an d'Luucht ze setzen? Wéi streng kënnen déi Obligatioune sinn, déi mir als Lëtzebuerg dann elo ophuelen no COP21, wa mer gläichzäiteg konfrontéiert si mat enger Regierung, déi als eenzegt Rezept eng dauerhaft, blann an

net steierbar Croissance fir dëst Land proposéiert?

Hei, mengen ech, ass den Défi fir d'Zukunft. Mir mussen einfach en Aklang fannen tëschent emol engem Modell fir Lëtzebuerg, enger Zukunft fir Lëtzebuerg, déi mer kënne maîtriséieren, déi mer nach kënne plangen, an dann iwwerleeën, wat mer da wierklech als Energie brauchen, fir déi Gesellschaft dann ze alimentéieren.

An eng drëtt Bemierkung vun eiser Säit aus ass eng, déi och, mengen ech, mat der Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen an och mat Energie, verantwortlechem Emgang mat Energie ze dinn huet. Dat ass eben déi Fro vum Import, wou en ekologeschen Dumping..., vu Produkter, en Import vu Produkter, déi mat engem ekologeschen Dumping produzéiert gi sinn. Déi Fro musse mer eis och stellen an deem Kader vun de Welthandelsorganisatiounen, déi derfir zoustänneg sinn, och zesumme mat der Kommissioun, déi jo d'Kompetenz huet fir de Baussenhandel vun der Europäescher Unioun. Mä mir kënnen net nokucken, datt duerch ekologeschen a sozialen Dumping eis Ziler als Europäesch Unioun an deene Beräicher dauerhaft a Fro gestallt sinn.

Mir als ADR, mir droen dat do gär mat. Och mir verdeedegen déi Iddi, datt den atmosphäresche Schutz muss garantéiert sinn. Mä mir froen eis: Wéi realistesch ass dat? A mir denken, datt d'Aufgab vun enger Lëtzebuerger Regierung et ass, dësem Land eng Zukunftsperspektiv ze bidden, e Modell Lëtzebuerg ze bidden, deen net méi ugewisen ass op eng permanent Croissance.

Mir soen Iech Merci.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).-* Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.-* Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet direkt den Här David Wagner.

***(Brouhaha)***

**M. David Wagner** *(déi Lénk).-* Här President, mir hunn et hei mat enger Décisioun vum Conseil ze dinn, dat heescht, datt mer am Prinzip net derlaanschtkommen, dësen Text an déi national Gesetzgebung ëmzesetzen. Mä mir hu grondsätzlech Problemer mat dëser Décisioun.

Eng éischt fundamental Kritik ass déi, datt déi Décisioun vun der EU iwwert den Emissiounshandel den Décisioune vu Paräis net Rechnung dréit. Hei denken ech virun allem un déi méi ambitiéis Zilsetzung, fir d'Äerderwärmung op 1,5 Grad ze begrenzen, amplaz op 2 Grad ze begrenzen, woubäi déi fräiwëlleg Kontributioune vun deene verschiddenen EU-Memberstate jo emol net duerginn, fir déi Grenz vun 2 Grad net ze iwwerschreiden an dowéinst onbedéngt missten ugepasst ginn.

Upassen hätt zum Beispill geheescht, d'Zuel vun den Zertifikater, déi all Joer un d'europäesch Industrie verdeelt ginn, méi schnell falen ze loossen, wéi dat elo geplangt ass, an zwar op 4% zum Beispill, wéi och ONGen dat virschloen, wéi CarbonWatch. An elo si mer bei 2,2% bis 2021.

Mä eisen Haaptkritikpunkt vun dëser Décisioun ass, datt elo eng Reserv justement geschafe gëtt, fir iwwerschësseg Verschmotzungsrechter ze stockéieren, anstatt dës direkt ze zerstéieren! Well domat gëtt d'Verschmotzung, déi haut net passéiert, ben, déi gëtt ganz einfach an d'Zukunft verlagert, well déi Zertifikater erëm op de Maart kënne gehäit ginn, wann d'Präisser erëm eropginn, étant donné datt se souwisou elo relativ historesch déif sinn. An dat favoriséiert natierlech net Investissementer a méi propper Technologien.

Mä et gëtt nach e méi fundamentale Problem. Den Emissiounshandel, also den Handel mat Pollutiounsrechter, ass kee System fir eng verantwortlech an effikass Klimapolitik. Et huet jo och guer net dozou bäigedroen, datt d'Treibhausgaser erofgaange sinn a Wierklechkeet. Sinn déi Wäerter erofgaangen, dann hat dat entweder mat technologeschem Fortschrëtt ze dinn oder och mat der Rezessioun, déi ab 2008 ugefaangen huet an déi deemno wéi och als Folleg Delokalisatiounen hat.

Derbäi kënnt jo och nach, an dat ass jo och nach relativ krass, datt déi meescht Zertifikater gratis verdeelt ginn a sech als Bommegeschäft mat der Pollutioun erausgestallt hunn. E Betrib ka seng Zertifikater, déi e jo gréisstendeels gratis krut, awer net gebraucht huet, weiderverkafen, wa méiglech wann den historesch déiwen $CO_2$-Präis erëm an d'Luucht gaangen ass. Dat ass keng Science Fiction, dat ass Realitéit!

Wéi zum Beispill erauskomm ass, datt ArcelorMittal zum Beispill, fir hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen, souzesoe mat senge Pollutiounsrechter décken Handel bedriwwen huet! Et ass jo erauskomm. Et ass näischt Neies, datt de Stolgigant tëschent 2010 an 2015 eng Reserv opgebaut huet vun 140 Milliounen Zertifikater, déi e gratis krut an duerno weiderverkaaft huet am Wäert vu bal enger hallwer Milliard Euro. Dernieft hu sech Spekulanten an Investisseuren, ënner anerem och hei zu Lëtzebuerg, dann op d'Käschte vum Klimaschutz eng gëllen Nues verdéngt.

Dofir, den Emissiounshandel verfestegt nach méi a Wierklechkeet eng Ekonomie, déi op fossilen Energië berout, an et blockéiert och effikass Instrumenter, fir d'Klima ze schützen, a verhënnert esou Investitiounen a Richtung vun enger ekologescher Transitioun.

Am Prinzip misste souguer d'Klimaskeptiker a Wierklechkeet mat esou engem Projet de loi averstane sinn. An ech hu jo och festgestallt, datt dat de Fall ass. Aus all deene Grënn menge mir,...

**Une voix**.- Très bien!

**M. David Wagner** *(déi Lénk).-* ...datt een aner Weeër kéint aschloen. Also d'EU misst zum Beispill och d'Zilsetzunge vun der COP21 verflichten, fir och, wat och wichteg wier, an ech mengen, do musse mer dat global gesinn, um Weltniveau a Richtung ze goe vum Transfer vun innovativen Technologien a Richtung Entwécklungslänner, well mir hunn en eendeiteg grousse Virsprong. Ech kann dat net méi héieren, datt mer permanent an enger Logik liewen och hei vu Kompetitivitéit ënner Kontinenter!

Well wa mer net schnell handelen, ech weess net, ob gewësse Leit dat matkritt hunn, mä d'Äerd, dat ass esou eng Kugel, an d'Klima, dat erkennt déi verschidde Grenzen net esou richteg. Dat heescht, wa mer zwee, dräi, véier, fënnef, sechs Grad méi hunn, egal wou dat produzéiert gëtt, ob et hei ass, ob mer super kompetitiv hei wollte sinn oder op enger anerer Plaz, ob dat super kompetitiv wäert sinn, wäert um Enn keen Eenzege méi un der Kompetitioun vum Mënscheliewe kënnen deelhuelen. Ech mengen, dat däerf een ni vergiessen.

Ech mengen, et ginn och aner Richtungen, an dat ass och op nationalem Niveau, awer och op europäeschem Niveau muss een eng Steierpolitik bedreiwen, déi natierlech op héijere Revenuen a Kapital besteiert, fir a Richtung ekologesch a sozial Akzenter, a schlussendlech eng kohärent Politik ze bedreiwen, wéi zum Beispill d'Investissementer am Fonds de compensation. Mä mir krute jo och nach gëschter vum Här Sozialminister gesot, datt do e Screening gemaach gëtt.

Aus all deene fundamentalen Awänn wäerte mer dëse Projet de loi net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.-* Merci och. An d'Wuert huet elo direkt d'Regierung, den Här Statssekretär am Nohaltegkeetsministère, den Här Camille Gira.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.-* Merci, Här President. Och deen hei Projet klénget a priori extrem technesch, ass awer eminent politesch. Ëmmerhin ass den europäeschen ETS eent vun den Haapt-, wann net dat wichtegst Instrument, fir dass Europa seng Hausaufgaben am Kontext vum Klimaschutz ophëlt.

Et ass haut scho rieds gaangeb dovunner, wéi eng Instrumenter mer sollen, mussen asetzen, fir dass mer de Klimawandel am Grëff behalen. An et gëtt do néierens eng Solution miracle, mir brauchen alles: Mir brauchen Uerdnungsrecht. Mir brauchen Incitatiounen. Mir brauche Subsiden. Mir sollten awer och an enger fräier Maartwirtschaft a priori net maartwirtschaftlech Instrumenter aus de Féiss loossen. A wann hei zu Recht kritiséiert gëtt, dass den europäeschen ETS net fonctionnéiert, dann huet dat näischt domat ze dinn, well et e maartwirtschaftlecht Instrument ass, mä well einfach bei där éischter Asetzung vun deem Instrument eng Rei kapital Feeler gemaach si ginn.

Ech mengen, dee gréisste Feeler, dee gemaach ginn ass, dat ass, dass d'Verdeele vun de Quote bei déi national State geluecht ginn ass. An iwwerall ass genau dat gemaach gi wéi dat, wat hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass: Fir déi national Industrien net ze vill ënner Drock ze setzen, ass eigentlech iwwerallouéiert ginn. Dat kann ee praktesch duerch sämtlech europäesch State kucke goen.

Och mir hunn eigentlech deene 15, 16 Betriber an der Zäit ze vill Allocatioune gemaach. Ech ka mech emol un en Deputéierten aus der Oppositioun erënneren, deen haut hei an enger anerer Fonctioun steet, deen dat ëmmer monéiert huet, an deen Deputéierten huet manifestement recht kritt. Well wann ee kuckt, wat herno ze vill war an deene 15, 16 Betriber, dann hat en net onrecht. An dat hat net nëmmen - dat hat sécherlech en Deel - domat ze dinn, dass 2008 d'Rezessioun komm ass an dass eng Rei Produktiounen erofgeschalt gi sinn, awer net nëmmen. Och wann d'Wirtschaft weidergedréit hätt, dann, mengen ech, hätte mer vill ze vill allouéiert gehat.

An dat ass eis duebel deier ginn, well mir hunn awer déi Quoten, déi mer allouéiert haten, beim nationale Contingent ugerechent kritt an esou huet souguer nach dës Regierung zum Ufank vun hirer Period nach 1,4 Milliounen Tonne misse kafe goen um internationale Maart, fir déi Differenz tëscht deem, wat déi Betriber emittéiert hunn, an deem, wat se allouéiert kritt hunn, ze bezuelen. Dat war sécherlech dee gréisste Feeler.

Deen zweete Feeler war, dass praktesch nëmmen opgrond vun historesche Produktiounslevelen attribuéiert ginn ass, an dat hätt vill méi lafend missen ugepasst ginn. Dann hätt een och an der Rezessioun kënnen eroffueren a soen: „Dir produzéiert manner, da kritt Der esou vill Prozent automatesch erofgeholl." Et hätt een net ee Moment historesch Produktiounschiffere sollen huelen an déi iwwer Jore weider, mengen ech, matschleefen. Dat war den zweete Feeler.

An dat Drëtt ass, dass net genuch op Benchmarking geschafft ginn ass, fir einfach déi och ze belounen, déi eigentlech schonn hir Efforte gemaach haten. Dann hätt een och a puncto Kompetitivitéit eng ganz aner Diskussioun kritt.

Et ass richteg, dass doduerch eng Rei Betriber relativ vill Reserven haten an hunn. An Dir hutt och vläicht matkritt: Dat wäert bis zu engem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff féieren.

Ech weess net, ob jiddweree au courant ass, mä ArcelorMittal huet jo de Lëtzebuerger Stat op d'Geriicht geholl weinst 80.000 Tonnen, déi den delegéierte Minister Marco Schank der Arcelor ewechgeholl hat wéinst dem Wierk Schëffleng, wou Arcelor ëmmer behaapt huet, do wier nach Produktioun.

Eh bien, ech ka mech just wonneren - ech war mat anere Regierungsmemberen dës Woch um Site -, ech mengen net, dass eréischt ugefaange ginn ass, do ofzerappen, wéi definitiv d'Cessation d'activité deklaréiert ginn ass! Mä dat iwwerloossen ech jiddwerengem, dat ze jugéieren, deen eng Kéier d'Chance kritt, op de Site ze goen.

Vun de Lëtzebuerger Geriichter ass d'Fro un den Europäesche Geriichtshaff als Question préjudicielle gestallt ginn. A mir si ganz gespaant an et wäert domadder esou oder esou och europäesch Jurisprudenz mat deem Beispill do fir ganz Europa zustane kommen.

Haut féiere mer eng Réserve de stabilité an. Ech wollt awer soen, dass dat en éischte Schrëtt ass. Mä et gëtt, dat wësst Der och vläicht - an ech wollt awer kuerz hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir Iech dat awer matzedeelen -, et gëtt un enger genereller Reform vum Emissiounshandelsystem geschafft. An dës Reform ass Deel vun der Zilsetzung, déi d'EU sech och am Virfeld vu Paräis ginn hat: Eng Reduktioun vun de Gesamtemissioune ëm op d'mannst 40% am Joer 2030 par rapport zu 1990 huet d'EU sech jo als Zil gesat. An et ass evident, egal wat elo geschitt, mä och no 2020 wäert den ET-System e ganz wichtege Pilier vun der europäescher Klimapolitik sinn.

De Conseil européen hat am Oktober 2014 zréckbehalen, dass d'Emissiounen, déi vum ETS couvréiert sinn, am Joer 2030 ëm 43% par rapport zu 2005 musse reduzéiert ginn. Konkret heescht dat, dass den Emissiounsvolumen, deen dem ETS zur Verfügung steet, ab 2021 pro Joer ëm 2,2% erofgeet. De Moment ass dee sougenannten „facteur de réduction" bei 1,74%. Also och fir d'Betriber fänken d'Efforten eigentlech eréischt no 2020 esou richteg un.

Ab 2021 wäert et awer och nach - an do musst Der nolauschteren, Här Kartheiser, an dat weist jo och, dass Är Motioun vun elo éinescht wierklech superfétatoire war - gratis Allocatioune fir Betriber ginn, déi awer och an der Konkurrenz zumindest hei um nationale Marché sinn. En däitscht Kuelekraaftwierk ass net a Konkurrenz mat engem Kuelekraaftwierk a China, well de Stroum aus Däitschland kënnt net aus China. Bei eenzelne Produktiounen, beim Stol zum Beispill, wësse mer, dass do eng global Konkurrenz ass. Mä zum Beispill am ganzen Energiesecteur brauche mer awer net ze soen, mir brauchen net ze fäerten, dass en däitscht Kuelekraaftwierk muer a China wäert opgebaut ginn, fir Stroum an Däitschland ze liwweren.

Dëst fir Iech ze soen, dass op all Level scho genuch geuecht gëtt. A wann ech mer ëm eppes keng Suerge maachen, dass se keng staark Lobby sollten an Europa an och national hunn, dann ass et d'Industrie, mengen ech! Dofir bräicht d'Chamber sech net nach mat zousätzlechen Impaktstudien an deem Beräich hei auserneenzesetzen, fir ze verhënneren, dass „carbon leakage", wéi dat esou schéi genannt gëtt, global verdeelt gëtt.

Da sollen déi Benchmarken, vun deenen ech geschwat hunn, och méi regelméisseg iwwerpréift ginn. Ech mengen, et ass eng permanent Evolutioun grad am Industriesecteur an e Benchmarking, dee viru fënnef Joer richteg war fir en Elektrostolwierk, ass vläicht fënnef Joer duerno net méi esou richteg.

An d'Kommissioun huet elo am Juli 2015 hir Propositiounen op den Dësch geluecht. D'Aarbechte lafen de Moment am Conseil ënner hollännescher Présidence éischter lues. Do gëtt et och eng Ursaach derfir: Et sinn eng Rei Memberstaten, déi wëllen ofwaarden, wéi dann de generellen „effort sharing" tëscht den 28 europäesche Länner fir d'gesamt $CO_2$-Emissiounen no Paräis ass, ier se sech wëlle positionéieren, wéi et da soll weidergoen am ETS-Beräich. Dat ass deelweis verständlech. Ech hoffe just, dass mer net iergendeng Kéier zäitlech an d'Labränte kommen, fir doriwwer ze diskutéieren.

Dann nach ofschléissend, Här President, e puer Bemierkungen zu dem Lëtzebuerger Modell. Ech si jo e bëssen iwwerrascht iwwert déi Wuesstumsdiskussioun, déi mer hunn. Ech waarden dann drop, wéini wéi eng Partei hei opsteet a seet: „Eis ginn 3% duer." - „Eis ginn 2% duer." - „Mir si souguer der Meenung, dass een emol sollt, fir dass manner Leit an d'Land kommen, an d'Rezessioun eragoen." Dat gëtt jo ganz spannend Diskussiounen! An ech waarden och besonnesch op dem ADR seng Aussoen, wéi si dann d'Lëtzebuerger Renten, wou si jo, dat muss een hinne jo zougestoen, e Mérite drun hunn, dass déi esou héich sinn, wéi se deelweis sinn, wéi se déi da wëlle finanzéieren, wa mer 3% oder 4% oder souvill Prozent Wuesstum net méi hunn.

Hei gëtt jo gemaach, wéi wann d'Regierung dat géif definéieren. Éischtens muss ee jo feststellen, dass mer eng autonom Dynamik hunn! Ech wëll Leit hei drun erënneren, déi de Wuesstum (veuillez lire: de Wuesstum vun der Populatioun) zu Lëtzebuerg integral a Verbindung brénge mam wirtschaftleche Wuesstum, dass déi falschleien. Ech weess net, ob jiddwereen déi Chiffere kennt. Mir haten 2009 eng Rezessioun vun e puer Prozent: 4%-5%. An awer, Dir Dammen an Dir Hären, sinn 10.000 bis 12.000 Immigranten an Immigrantinne weider op Lëtzebuerg komm!

Hätt Dir gär, dass dës Regierung wéi aner Regierungen an Europa en Zonk opriicht, mä dës Kéier net vis-à-vis vu Flüchtlingen, mä vun EU-Memberen? Solle mer deene portugiseschen, franséischen, däitschen Immigrante soen: „Mir wëllen elo nëmme méi 3% Wuesstum an dofir féiere mer d'Douaneshaischen zu Uewerpallen an zu Sterpenich erëm an. An elo komme just déi hei eran, déi wierklech kënnen an deene Secteure schaffen, wéi mir se gär hätten." Dat ass jo eng absurd Diskussioun, wéi wa mir als oppen Ekonomie do iwwerhaapt eng Méiglechkeet hätten!

Mä wat muss anescht ginn, Här Kartheiser an anerer, déi elo wëllen driwwer diskutéieren, wou mer higinn: Dee Wuesstum, dee mer elo mussen organiséieren an deenen nächsten 30 Joer, dee ka wierklech net méi esou fonctionnéiere wéi deen an deene leschten 30 Joer, well soss erstécke mer wuertwiertlech an deem Wuesstum! Dat ass ganz richteg.

Mä wat ass da geschitt, e bësse vereinfacht duergestallt, an deene leschten 30 Joer? De Wuesstum ass deelweis vum Himmel gefall iwwert d'Finanzplaz an e puer Nischen, déi mer nach haten. A virun…

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.-* Här Gira, Är Zäit ass ofgelaf.

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.-* Wann ech nach däerf eng Minutt awer och op Remarquë vun...

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.-* Neen, op Remarquen am Kader vun dësem Projet, gell.

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.-* Jo. Also ech...

***(Hilarité)***

Et ass schued, ech hätt elo gären nach eng Rei Remarquen zu där Wuesstumsdiskussioun ugefouert. Mä ech maache mer keng Suergen. Ech wëll Iech just ofschléissend, a grad fir den Här Kartheiser, méi generell soen: Kuckt op eisem Site, huelt Iech d'PowerPoint, déi d'Madamm Dieschbourg an ech viru Kuerzem gemaach hunn! Mir sinn amgaang, dës Regierung ass ebe genau dat amgaang ze maachen, wat Dir gären hätt: Mir entkoppelen de Wuesstum par rapport zu den $CO_2$-Emissiounen. Kuckt Iech dat un! Genau do si mer e gutt Stéck virukomm

a mir sinn zouversiichtlech, dass eis dat och an deenen nächste Jore geléngt. Souwäit dozou.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Ma gär!

Den Här Gibéryen, eng Fro?

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Parole après ministre.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Parole après ministre. Jo, bon, wann Dir dat frot.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wollt just kuerz drop reagéieren, wat den Här Statssekretär elo hei ugedeit huet - wat déi Wuesstumsprognose betrëfft, déi mir jo kritesch hannerfroen als Partei - an dat am Fong relativ simplistesch dohinnergestallt huet, wéi wa mer da missten erëm Barrièren opriichten, Stoppe maachen, d'Ekonomie bremsen. Ech mengen, mir haten als ADR virun enger Rei vu Méint hei eng Interpellatioun zu deem dote Sujet gemaach, iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg - ech weess net, ob Der dat matkritt hutt -, mä do hu mer awer all eis Propositioune gemaach.

An ech hu fonnt, datt mer deen Dag heibannen an der Chamber eng ganz gutt Diskussioun haten an am Fong parteiiwwergräifend alleguer der Meenung waren, datt deen einfache blanne Wuesstum, datt deen och eng Rei vu Konsequenzen hätt, déi een net muss onbedéngt als positiv ugesinn.

An ech mengen, de Wirtschaftsminister huet an där Debatt och hei gesot, datt een als Konklusioun vun esou enger Diskussioun, wéi mer se heibannen haten, am Fong misst dee qualitative Wuesstum an de Vierdergrond stellen an datt een als Regierung och misst an Zukunft bei allen neien Investitiounen, déi hei am Land gemaach ginn, eng Etüd maachen, fir ze kucken, wat déi Investitiounen hei am Land a wat d'Politik, déi mer an deem Sënn hei am Land maachen, wat dat als Konsequenze fir d'Land hätt, souwuel fir d'Statsfinanzen, fir de Logement, fir den Transport an esou virun. An ech mengen, dat war de But. An duerfir, mengen ech, ass dat scho richteg.

An ech wëll dann nach just soen, wat d'Renten ubelaangt: Also wann ee mengt, Här Gira, an Dir mengt dat jo, datt de Problem vun de Rente just duerch e stramme Wuesstum ze rette wier, da muss ech soen: Een, deen esou eng Ausso mécht, dee kennt vu Renten näischt! Well domadder gëtt de Problem vun de Renten, mat all Prozent Wuesstum gëtt de Problem méi grouss! Mir brauchen haut fir eng Pensioun ze bezuelen eppes iwwer zwee Aktiver. A wa mer emol eng Kéier 500.000 Leit an der Pensioun hunn, da brauche mer iwwer eng Million Aktiver. An da soen: „Mir mussen en décke Wuesstum hunn, fir déi Pensiounen do ze bezuelen"! A wa mer eng Kéier 1,2 Milliounen an der Pensioun hunn, da brauche mer 2,4 Milliounen. Also dat ass eng, eng...

***(Interruption)***

Ma dach, dat ass de System, dat ass d'Problematik realistesch dohinnergestallt, wéi se ass! Wa mer just soen: „Mir mussen e Wuesstum hu fir déi Pensiounen", mä mir mussen e Pensiounssystem entwéckelen! An ech si frou, datt Der eis de Mérite vun de Pensiounsreformen zougeschriwwen hutt. Mä mir mussen e System entwéckelen, an dat musse mer zesumme maachen, mir mussen do och eis Responsabilitéiten huelen, wou mer als Gesellschaft net condamnéiert sinn, esou mussen ze wuessen, an awer mat eiser Sozialpolitik kënnen iwwerliewen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Très bien!

***(Interjection de Mme Josée Lorsché)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Här Statssekretär!

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech sinn da frou, dass den Här Gibéryen mir duerch d'Parole après ministre...

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Wa mer elo eng Diskussioun iwwer Wuesstum hunn, da schwätze mir och gär mat!

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Parole après ministre...

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Sérieusement!

**M. Alex Bodry,** *(LSAP).*- Dir hutt eng laang Geschicht dodran.

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Well da froen ech och Parole après ministre, fir nach eng Kéier eng Ried iwwer d'Croissance an iwwer Wuesstum ze halen. Kee Problem!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Här Gira, ganz kuerz.

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech wollt just an dräi Sätz dat soen, wat ech elo éinescht esou wollt soen: dass dës Regierung genau deen Ënnerscheed mécht mam qualitative Wuesstum.

Wat ech elo éinescht wollt soen, ier de President mech ënnerbrach huet, ass, wéi mer déi lescht 30 Joer mat deem Wuesstum ëmgaang sinn.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- D'Auer, net de President.

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir hunn de Boni vun deem Wuesstum geholl. Mir hunn d'Steiergelder geholl a mir hunn d'Aarbechtsplaze geholl. Mä: Mir hunn d'Käschten net berücksichtegt! Mir hu keng Kläranlage gebaut. Mir hunn emol net genuch Stroosse gebaut...

***(Protestations)***

...a scho guer keng Schinnen.

***(Brouhaha)***

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Här President!

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ma dat ass awer esou!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Här Statssekretär, wann ech gelift, ganz kuerz!

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Jo! Neen, ech sinn och scho bal, ech si scho bal fäerdeg!

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Jo, mä wa mer d'Diskussioun awer elo ufänken, dann... Neen, sérieusement, esou kënne mer awer net fueren hei!

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir hunn net genuch Sozialwunnenge gebaut. A genau dat wëllt dës Regierung anescht maachen a mécht se schonn anescht.

**Une voix**.- Dir kommt och nach...

**M. Camille Gira,** *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir kucken net nëmmen, wat vu Boni erakënnt, mä mir iwwerleeën hannendrun, wat fir Infrastrukturen, wat och u Käschten op eis duerkënnt. An dat si mer amgaang ze maachen. Dat mierkt Der bei der Mobilitéit an dat mierkt Der och an anere Beräicher.

***(Brouhaha général)***

Merci villmools, Här President!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Jo, den Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Här President, ech wëll just soen: Wann een déi do Diskussioun wëllt seriö féieren, da si mir dofir absolutt Demandeur, fir se seriö ze féieren, an net an zwou Minutten, esou wéi dat elo hei probéiert ginn ass! Mir hunn eng seriö Wuesstumsdiskussioun ze féieren. Dofir proposéiere mer säit Wochen hei, datt den Zukunftsdësch zesummegesat gëtt, datt mer dat mat der Société civile organiséieren. Ech mengen, datt den Här Gira eis mat deenen Aussoen, déi en elo gemaach huet, honnertprozenteg recht gëtt, datt dat eng absolutt Nécessitéit ass, fir dat ze maachen.

An ech kann natierlech och weiderfueren, elo hei am Detail ze diskutéieren, well déi Diskussioun, déi Der ugefaangen hutt, ass jo net eng Diskussioun vum Wuesstum tel quel, wéi se bis elo besteet. Mä et ass eng Diskussioun, wou Der mat finanzpolitesche Diskussiounen (veuillez lire: Décisiounen) lech enger Obligatioun vum Wuesstum verschreift. An et ass genau dat, wat mer kontestéieren, net de Wuesstum an net d'Leit, déi erakommen, mä d'Obligatioun, déi mer an deenen nächste 40 Joer mussen hunn, fir déi finanzpolitesch Décisiounen, déi Der elo huelt, kënnen ze bezuelen!

**Une voix**.- Genau!

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir géife fir d'Éischt iwwert de Projet 6917 ofstëmmen, an dann nach iwwert dee Projet vu virdrun, wou mer zwar iwwert d'Motioun ofgestëmmt hunn, mä net iwwert de Projet.

***(Brouhaha)***

Mir stëmmen also iwwert de Projet 6917 of.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6917 et dispense du second vote constitutionnel***

An d'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6917 est adopté par 57 voix pour et 2 voix contre.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

***(Assentiment)***

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

## 6. 6877 - Projet de loi

**a) portant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°517/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant le règlement (CE) n°842/2006;**

**b) modifiant la loi du 11 août 2011 portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone;**

**c) abrogeant la loi du 28 juillet 2011 portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés (suite)**

A mir géifen zum Schluss iwwert de Projet 6877 ofstëmmen. Dat ass dee Projet, dee mer virdrun duerchdiskutéiert hunn a wou déi „liicht" Flottementer mat der Motioun komm sinn a mer net iwwert de Projet ofgestëmmt haten. Dat maache mer dann elo.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6877 et dispense du second vote constitutionnel***

An d'Ofstëmmung ass lancéiert. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet 6877 ass unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

***(Assentiment)***

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

d'Chamber live

**Chamber TV**

och an der Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.